



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Finanzen & Mëttelstand weiderzeleeden.

De Finanzminister ass a senger Ried beim Depot vum Budget fir d'Joer 2022 op d'Iwwerschwemmung Mëtt Juli zu Lëtzebuerg agaan:

*"D'Iwwerschwemmungen déi mir den 14.-15. Juli zu Lëtzebuerg erlieft hunn, weisen datt d'Konsequenzen vum globalen **Klimawandel scho längst hei zu Lëtzebuerg ukomm sinn**. Och hei huet d'Regierung direkt gehandelt, an eng Enveloppe **vun 100 Milliounen Euro gouf séier deblockéiert**."*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Laut der Äntwert op d'QP 4857 hunn 52 Entreprisen eng Ufro fir Hëllef an den Iwwerschwemmungemaach. Laut Äntwert op d'Fro n° 4793 hunn 156 Entreprisë Kuerzaarbecht wéinst den Iwwerschwemmungen ugefrot. Wéi vill Aiden u Betriber, déi vun den Iwwerschwemmungen getraff waren, goufe bis elo ausbezuelte (opgeléicht no dem Mount, an deem d'Aiden ausbezuelte gouf)?
2. Wéi laang hunn d'Betriber an der Moyenne missen nom Areeche vun enger Demande op ee Versement vun den Aide waarden? Wat war hei dee kierzten Delai? Wat war de längsten?
3. Wéi vill Aiden si bis elo u privat Persounen ausbezuelte ginn, déi vun den Iwwerschwemmungen getraff waren (opgeléicht nom Mount, an deem d'Aiden ausbezuelte goufen)?
4. Wéi laang hu Privatpersounen an der Moyenne missen nom Areeche vun enger Demande op ee Versement vun den Aide waarden? Wat war hei dee kierzten Delai? Wat war de längsten?
5. Wéi vill Demanden vu Betriber sinn net akzeptéiert ginn? Wat waren hei d'Hauptgrënn?



6. Wéi vill Demande vu Privatpersounen sinn net akzeptéiert ginn? Wat waren hei d'Hauptgrënn?
7. Wéi vill vun der Enveloppe vun 100 Milliounen Euro fir d'Iwwerschwemmungsaffer gouf schlussendlech ausbezuel?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

